


# d'Peffermillen

De *Lampertsbierger Syndicat* schreift a sengem Informatiounsbliedche vum 10. Dezember 2002, bei enger Entrevue mam Schefferot, hätt de Buergermeeschter säi Leed geklot, hie kënnt näischt dergéint man, dass um Lampertsbierg d'Gemengereglementer iwwert d'Zweckbestëmmung vum Quartier als Wunnvéierel vu Banken a Fiduciairen an aner Büroen ënnerlaf gin („le bourgmestre se dit dan l'incapacité de faire respecter ce règlement par manque de moyens légaux"). Dat ass natierlech pur Hypokrisi. Well de Projet d'aménagement vum 4.11.1991 jo legal a Kraaft ass, géng et nämlech duergon, dass de Buergermeeschter eng Plainte beim Procureur mecht oder de Policedirekter bied, eng Enquête ze man, fir festzestellen, dass hei ganz kloer Verstéiss géint d'Bautereglement virleien a kënne bestrooft ginn. Mä de Buergermeeschter konnt natierlech dem *Lampertsbierger Syndicat* net soen, dass da séng Partei- a Geschäftsfrënn géife getraff ginn a dass hien déi jo awer léiwer a Schutz hëllt wi d'Awunner vum Lampertsbierg. De Koschter kann de Syndicat op alle Fall nëmme warnen, sech net vum Buergermeeschter instrumentaliséieren ze loossen, fir neess eng kommunal Police anzeféieren. Wann de Buergermeeschter géif wëllen, da kéint en duerchaus eppes géint séng Frënn aus der Immobiliebranche ënnerhuelen.

Den ADR-Deputéierten Aly Jaerling hat di gloreich Idee, amplaz vun den zwee Héichiewen op ARBED-Belval, di an der Uschafung an am Ënnerhalt eng jett Millioune wäerte kaschten, kéint ee jo och eng Maquette baue loossen, fir de Produktiounsprozess vum Stol z'erklären, dat géif bestëmmt mi bëlleg ginn. D'Ministeren Hennicot-Schoepges a Wolter woren trotzdeem guer net vun där Idee begeeschtert. An der Entwert op di parlamentaresch Ufro schreiwe si (Compte-rendu n° 3, Q13): „Et ass evident, dass ee muss mat allen didaktesche Mëttele schaffen, fir eis selwer an all deenen di no eis kommen, d'Geschicht vun der Lëtzebuerger Stolgeschicht (sic) ze vermëttelen. Selbstverständlech ginn och Maquetten do agesat (...). Ma si kënnen awer keen Ersatz si fir d'Héichiewe selwer." Do kann de Koschter jo nëmme bravo ruffen. Dat huet hien dach och ëmmer behaapt ... wi di selwecht Ministeren de Fort Thüngen geaffert hunn fir e moderne Musee drop ze setzen.

Säit Joren iergert sech de Koschter driwwer, wi wéineg zu Lëtzebuerg d'Rechter vum Auteur respektéiert ginn, e. a. grad och vum Stat selwer. Lo ass scho neess esou e Fall opgeflunn. Den *Hollerecher Mémorial de la Déportation* ass sech net ze schued, fir e Bichelchen iwwert d'Judden am Krich erauszeginn, an deem den André Hohengarten en Artikel ofdréckt, ouni e Pippcheswuert driwwer ze verléieren, dass deen Text net vun him, mä vum Serge Hoffmann ass a schon emol an der *Galerie* publizéiert gi war. Et gëtt héich Zäit, dass hei emol eng Kéier de Procureur aktiv gëtt, ouni op eng Plainte ze waarde, well et geet hei net nëmmen ëm zivil Rechter, mä och ëm Strofrecht.

**m.p.**